

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturministesch weiderzeleeden:

*„Et schéngt en offent Geheimnis ze sinn, datt am Beräich Denkmalschutz de Moment e puer Honnert Dossieren am Kulturministère leien, déi positiv aviséiert goufen, awer wou nach ëmmer keng Entscheedung geholl gi wier, fir déi respektiv Objeten ze klasséieren.*

*An deem Kader wollt ech der Madamm Kulturministesch folgend Froe stellen:*

- 1. Stëmmt et, datt den Ament eng grouss Zuel un Dossieren am Ministère leien, wou déi national Kommissioun vun de Sites et Monuments (COSIMO) e positiven Avis ginn huet, mä wou awer nach guer keng ministeriell Entscheedung geholl ginn ass?*
- 2. Ass et wouer, datt d'Sekretariat vun der COSIMO am Ament personell ënnerbesat ass, an dofir einfach net mat den Aarbechten nokënnt? Wéi vill Leit schaffen zurzäit am Sekretariat?*
- 3. Wéi vill Leit wäerten an Zukunft am Service vum Inventar agestallt ginn? Ass et méiglech fir gutt ausgebildeten Experten ze fannen?“*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

André BAULER  
Deputéierten